

A mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8427. Den Text steet am Document parlementaire 8427^s.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8427 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass domat ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, deemno keng Nee-Stëmm, keng Abstentiuon. De Projet ass also eestëmmeg ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par M. Maurice Bauer), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Yves Cruchten) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

13. Ordre du jour

An als leschten, net als leschte Punkt, als theoretesch leschte Punkt vum eiselem Ordre du jour vum de Moie steet nach ee Gesetzestext, den 8048.

Mir probéieren awer, well mer relativ fréi an der Zäit sinn, ze kucken, datt mer d'Leit alleguer zesumme kréien, fir deen nächste Text, deen de Mëtte virgesi war, och scho kënnen de Moie matzehuelen. Wann eis dat gëllt, da fuere mer duerno, no dësem Text, weider. Ech wollt Iech just déi Informatioun ginn.

Plusieurs voix | Très bien!

14. 8048 – Projet de loi portant certaines modalités d'application et sanctions du règlement (UE) n° 1257/2013 du 20 novembre 2013 relatif au recyclage des navires et modifiant le règlement (CE) n° 10 13/2006 et la directive 2009/16/CE et modifiant la loi modifiée du 9 novembre 1990 portant approbation de certaines conventions internationales en matière maritime

M. Claude Wiseler, Président | An da komme mer elo zum Projet de loi 8048, d'Ëmsetze vum enger Rei

Modalitéiten a Sanktiounen vum europäesche Reglement iwwert de Recyclage vu Schëffer. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno folgendermoossen opgedeelt: D'Rapportrice huet 10 Minutten, déi eenzel Fraktiounen a Sensibilitéite 5 Minutten, d'Regierung huet 10 Minutten. Et hu sech schon ageschriwwen: d'Madamm Stéphanie Weydert, d'Madamm Paulette Lenert, den Här Tom Weidig, d'Madamm Joëlle Welfring an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Simone Beissel. Madamm Beissel, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Économie, des PME, de l'Énergie, de l'Espace et du Tourisme

Mme Simone Beissel (DP), rapportrice | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, dëst ass den drëtten maritimme Projet vum dësem Wanter hei an der Chamber.

Ëm wat geet et? Et sinn u sech dräi Punkten ervirzehiewen. Éischtens, de Projet de loi soll d'Applikationsmodalitéite vum EU-Reglement 1257/2013 an d'Sanktiounen dovun präziséieren; zweetens, verschidden internatiounal maritim Konventiounen approvéeieren; drëtten – an Dir wësst et, mir haten dat d'lescht Woch scho bei deenen anere maritimme Projeten – gëtt erëm eng Kéier de Lëtzeburger Regierungskommissär als zoustänneg Administratioun festgeluecht. An et kënnt derbäi, dass hien direkt och d'Autorisatioun kritt, fir eeben eng Partie oder all seng Missiounen un agreéiert Organisme virunzeginn.

Wat ass d'Rechtslag? De Projet de loi 8048 ass am Juli 2022 deponéiert ginn. Duerno koumen zwee konstruktiv Avisen vum der Chambre de Commerce. Si hunn dat begréisst.

Duerno, oder deelweis parallell, koumen dräi Avisen vum Staatsrot. Déi zwee éischt, déi ware ganz kritesch, do waren Opposition-formellen dran. Ëm wat ass et gaang? Ech hunn Iech gesot, et ass en EU-Reglement. An Dir wësst, dass en EU-Reglement d'application directe ass an de Memberstaaten. De Ministère hat awer eng Reformulatioun vu bestëmmten Dispositiounen gemaach, an do war déi héich Kierperschaft net dermat d'accord. Dunn ass nogebessert ginn. Den zweeten Avis war och nach ganz kritesch mat enger Opposition formelle. An du koom awer e klärende Bréif vum der zoustänneger Kommissioun, an do sinn déi Interpretatiounsdiifferenzen, wann een dat gentiment esou kann nennen, du verschwonnen. An du huet de Staatsrot an engem drëtten Avis da säin Accord ginn.

Här President, de Kontext. D'Fro, d'Problematik vum der Entsuerung – mir soen och Schleefung oder Demontage oder Recyclage – vu Schëffer huet säit Joren international fir grouss Befierchtungen a Soucië gesuergt, well do total wëll gehandelt ginn ass, an et waren ëmmer immens Gefore fir d'Gesondheet, fir d'Sécherheet a fir d'ganz Ëmwelt an notament den Zoustand vum Mier.

Am Detail: Do ass Remedur geschaaft ginn. Dunn ass 2009, den 13. Mee (veuillez lire: 15. Mee), déi international maritim Konventioun vum Hongkong ugeholl ginn, eebe vum den internationale Staaten. Lëtzebuerg huet déi Konventioun am Mee 2022 ratifizéiert.

Wat ass dann elo d'Kärstéck vum dëser Hongkong-Konventioun?

(M. Fernand Etgen prend la présidence.)

Éischtens, d'Konzeptioun, d'Preparatioun, de Bau an d'Exploitatioun vum alle Schëffer gëtt genau considéiert, fir dass een herno weess, wéi ee se muss entsueren.

Zweetens, et gëtt ganz genau gekuckt, wéi d'Recyclageinstallatiounen exploitéiert ginn.

An drëtten, et gëtt och gekuckt, en appropriéierten Exekutiounsmechanismus fir déi Entsuerung ze maachen, well dat si ganz komplizéiert Operatiounen.

Här President, leider ass déi Hongkong-Konventioun haut awer nach ëmmer net en vigueur. Et sinn zwar 17 Staaten, déi se ratifizéiert hunn, dobäi néng europäesch Staaten. Dat ass déi éischt Konditioun. Mee et kënnt eng zweet Konditioun derbäi. Momentan sinn et nëmmen 29,7 %, also déi 17 Länner stellen nëmmen 29,7 % vum dem Bruttoregistertonnage vum der weltwäiter Handelsflott duer. An dat geet net duer, well et si 40 % verlaangt, fir dass déi Konventioun en vigueur kënnt.

Wat muss dann elo geschéien, fir dass se endlech en vigueur kënnt, fir dass se dann international spillt?

Wéi gesot, Staate sinn der genuch do: 15 Staaten, dat ass déi éischt Konditioun; et sinn der elo scho 17. Mee elo kënnt déi Zweet: Nach eng Kéier, et muss 40 % vum Bruttoregistertonnage vum der weltwäiter Handelsflott zesummekommen. An drëtten – wat nach méi komplizéiert ass –: Hire maximale Joresrecyclage während de leschten zéng Joer muss 3 % vum Bruttoregistertonnage vum der weltwäiter Handelsflott duerstellen.

Elo ass et esou: Et kommen nach zwee oder dräi Länner derbäi aus Asien, an et geet een dervun aus, dass am Fréijoer 2025 déi maritim Hongkong-Konventioun dann endlech en vigueur kënnt. D'Organisation maritime internationale huet dat mol esou virgesinn.

Vu dass se awer net leeft, huet – wéi esou oft – d'Europäesch Unioun d'Kommissioun suppléiert a Remedur geschaaft duerch eeben dee Reglement, dee mer elo hei sollen unhuelen, also de Projet de loi, fir dee Reglement dann ze approvéeieren, oder éischer ze präziséieren, vu dass e jo d'application directe ass. Si hu Remedur geschaaft mat deem Reglement 1257/2013, fir eebe just derfir ze suergen, dass d'Gesondheet, d'Sécherheet an d'Ëmwelt geschützt gi bei deem Recyclage.

De Reglement, bon, wéi esou oft ... erënnert Iech, d'lescht Woch hate mer och schon déi Problematik, dass d'Europäesch Kommissioun mat Momenter méi streng ass wéi d'international maritim Konventiounen. Hei ass dat erëm de Fall. Bei deene Recyclagen, do si ganz oft ganz géfteg Substanzen, déi erauskommen, wa recycéléiert gëtt, an den EU-Reglement setzt nach op d'mannst ee geféierleche Produit op d'lescht vum deene geféierleche Substanzen.

Haaptzil vum Projet de loi, deen eis de Moien hei beschäftegt, ass also, d'Sanktiounen vum EU-Reglement 1257/2013 ze klärféieren. De Regierungskommissär, eemol méi an dësem Projet och, gëtt erëm eng Kéier als zoustänneg Verwaltung agesat.

(M. Claude Wiseler reprend la présidence.)

Ech hunn Iech geschwat vu geféierleche Substanzen, déi fräigesat ginn, wann esou e Schëff recycéléiert gëtt. An de Regierungskommissär huet, opgrond vum dësem Gesetz, d'Obligatioun oder d'Missioun, d'Kontroll ze maachen an och den Inventar dauernd à jour ze hale vum alleguerten deene geféierleche Substanzen, ëm déi et dann do elo geet.

Da muss de Schëffsbesëtzer ... An dat ass och eppes ganz Wichteges. Well wann een e Schëff recycéléiert, dat kascht ganz vill Geld, an dofir waren e ganze Koup Schëffsbesëtzer net seriö an hunn de Recyclage net gemaach. Elo ass et esou: Dem Reglement no, wann ee wëllt e Schëff recycéléieren, da muss de

Schëffsbesëtzer informéieren. Dee muss dann elo déi zoustänneg Instanzen – hei dann de Commissaire aux affaires maritimes – informéieren, par notification, dass en e Schëff wëllt an de Recyclage schécken.

An dann, wat och nach derbäikënn, dat ass: Rëm eng Kéier de Regierungskommissär – well dat ganz spezifesch Missioun sinn – kann déi delegéieren un habilitéiert aner Sousorganisationen.

An da kënn och nach derbäi, dass och mat dësem Projet de loi eeben d'Konventioun vun Hongkong, déi mer jo schon 2022 ratifizéiert hunn, op d'Lëscht kënn hei zu Lëtzebuerg vun de ratifizéierte Konventionen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech doen elo nach ganz kuerz d'DP-Kap un.

Discussion générale

Vu dass ech a mengem Liewe fënnf Joer um Mier war an déi onméiglechste Situatioun matgemaach hunn, kann ech Iech soen: Wa verraschte Wracken am säichte Waasser, wat net ganz héich ass, dorëmer trëllen, sinn déi eng riseg Gefor fir all Schëff, wat ze no laanscht kënn a wat net e ganz performante Radar huet! An notament nuets ass dat eng riseg Gefor an do si ganz schwéier Accidenter geschitt.

Dat Zweet ass: Mir wëssen alleguerten, dass ganz oft recycléiert ginn ass an asiatesche Länner, op asiatesche Plagen, ënner total mënschenonwärdige Konditiounen. An och op Käschte vun der Gesondheet vun alleguerten de Leit a vun der Ëmwelt sinn déi Recyclagé gemaach ginn. Et war eng riseg Katastroph. Dofir ass héich Zäit, dass déi d'Texter elo hei kommen, dass déi wëll Entsorgung mat all de Problemer hofentlech elo endlech Geschicht ass!

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Simone Beissel (DP) | Mat dësem drëtten Projet maritime ass Lëtzebuerg elo, ech géif bal soen – mee um Mier ass dat net esou gutt, mee als Terme kennt Der dat awer –, geschwënn am Peloton de tête an huet eng exzellente Situatioun am Secteur maritime international, well mer alleguerten déi d'Texter elo ëmgesat hunn, mat präzise Missiounen, Obligatiounen, déi de Lëtzeburger Staat an notament de Regierungskommissär da soll maachen.

Fir eist Land, wéi gesot, si mer elo am Peloton de tête. Dat ass fir Lëtzebuerg e groussen Atout, och wéinst der Seriositéit vun eisem Secteur maritime. An dofir bréngen ech mat Pleséier den Accord vun der DP-Fraktioun a soen Iech villmools Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen der Madamm Beissel villmools Merci fir hire schrëftlechen a fir hire mëndleche Rapport. An da ginn ech der Madamm Stéphanie Weydert d'Wuert.

Mme Stéphanie Weydert (CSV) | Villmools merci, Här President. Jo, d'Madamm Beissel hat scho gesot, dass dëst den drëtten Gesetzesprojet bannent enger Woch ass iwwert de Secteur maritime. E ganz wichteg Standbeen och vu Lëtzebuerg. No den Aarbechtskonditiounen vun de Séileit an der Sécherheet vun de Schëffer geet et haut ëm de Recyclage vun de Schëffer, fir dass déi effektiv net esou am Mier do ronderëm gammelen an dann awer eng Gefor si fir all déi aner, déi do um Mier navigéieren.

Déi 206 Schëffer, déi mir an eisem Pavillon maritime hunn, wäerten och enges Daags ausser Déngscht goen an dann eeben och ënnert deene Konditiounen vun deem Gesetz, wat mer haut stëmmen, mussen recycléiert ginn. Dofir: Et ass wichteg am Sënn vun Ëmweltschutz an awer och vum Schoune vun de

Ressourcen, dass dës eierbar recycléiert ginn an déi geféierlech Substanzen uerdentlech entsuergt ginn.

Dowéinst hu mer och déi Konventioun vun Hongkong vun 2022 scho ratifizéiert. A mat dësem Gesetz applizéiere mir dann elo d'Modalitéiten zum EU-Reglement iwwert de Recyclage vun de Schëffer. Mir huele Verantwortung fir eise Pavillon a maachen eppes fir d'Ëmwelt- an d'Kreeslafwirtschaft. Dowéinst wäert och d'CSV hei dëse Projet positiv aviséieren.

Villmools Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Weydert. Dann ass d'Wuert fir d'Madamm Bofferding.

Mme Taina Bofferding (LSAP) | Jo, merci, Här President. Meng zwee Virriednerinnen hunn dat esou gutt an ausféierlech erkläert, dass deem näischt méi bäizefügen ass an ech domadder den Accord vun der LSAP ginn.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bofferding. Här Weidig.

M. Tom Weidig (ADR) | Jo, mir fannen och, dass dat e gudde Projet de loi ass. Do gëtt eppes konkret fir den Ëmweltschutz gemaach a mir exekutéieren eng international Konventioun, en europäescht Reglement, an elo e Lëtzeburger Gesetz.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Weidig. Madamm Welfring.

Mme Joëlle Welfring (déi gréng) | Merci, Här President. Et geet an dës Saach souwuel ëm d'Sécherheet wéi ëm d'Kreeslafschléissung, an dofir ginn ech heimmadden och den Accord vun der grénger Fraktioun.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Welfring. Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Jo, merci, Här President. D'Madamm Rapportrice ass drop agaangen: Et war kee Projet, deen eng ganz einfach Gebuert war, och einfach, well Lëtzebuerg net immens vill Kilometer Küst huet, an deementspreechend déi ganz Recyclinginfrastruktur fir déi Schëffer net esou einfach hei zu Lëtzebuerg kënnen installéiert ginn. Bien que dass ee sech sou lues misst d'Fro stellen, wann nach eng Kéier eng Schleis géif futti fueren, ob een net och dann esou Installatiounen fir d'Muselschëfffaart hei zu Lëtzebuerg kéint installéieren. Mee bref! Dat gesot, ass dat heiten e wichtige Projet fir den Ëmweltschutz.

An dass et heiansdo e bëssen dauert, bis mer d'Konventioun ratifizéieren, gesäit een hei och dran. Déi heite Konventioun vun Hongkong, déi mer dann haut endlech mat op d'Lëscht huelen, déi d'äerf d'nächst Joer scho legal hei zu Lëtzebuerg Alkohol drénke goen. Esou laang hu mer se net ratifizéiert. Dat heescht, et wär definitiv un der Zäit, dass mer dat maachen. An dofir gi mer och eisen Accord.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement.

Dann hätt d'Regierung d'Wuert. Här Minister.

Prise de position du Gouvernement

M. Lex Delles, Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | Merci villmools, Här President. Jo, ech mengen, et ass e ganz wichtige Projet fir de Recyclage vun de Schëffer, wou et ëm d'Natur an awer och ëm d'Leit geet. Dofir sinn ech frou, dass déi breet Zoustëmmung hei ass, dass och

mir eebe grad hei déi Konventioun esou matdroen an och do eis Responsabilitäten iwwerhuelen.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister. Domat wär d'Diskussioun zu dësem Projet de loi dann ofgeschloss.

Da géife mer zum Vott vum Projet de loi kommen; d'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8048. Den Text steet am Document parlementaire 8048⁸.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8048 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen. Deemgemäss keng Nee-Stëmm a keng Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also eestëmmeg ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler (par Mme Stéphanie Weydert), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusti Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Georges Engel) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

15. Ordre du jour (suite)

Theoretesch wäer mer elo um Enn vun der Sëtzung vun haut de Moien ukomm, mee vu dass mer an der Conférence des Présidents och decidéiert haten, dass mer géifen en continu weiderfueren, esou wäit wéi mer haut de Moie géife kommen, géife mer elo eng Rei Punkte vum Ordre du jour vun de Mëtten direkt de Moien huelen.

Mir mussen eis awer e weéneeg reorganiséieren, well déi eng oder déi aner hate sech e weéneeg anescht agestallt. Ech géif Iech, wann Der domat d'accord wäert, proposéieren, dass mer elo géifen d'Question élargie vum Här Dan Biancalana virhuelen, well mer déi zwee Ministeren hei hunn, déi sollen dorobber äntwerten.

Sidd Der domadder averstanen?

(Assentiment)

Da kënnen mer dat esou maachen.